LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6667 vum 17. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler.**

Säit Ufank August ginn et zwee Impfbussen déi deeglech Tournéeën maachen woubäi probéiert gëtt déi verschidden Landesdeeler ofzedecken.

Den 12. August sollt e Bus op Ettelbréck fueren an den zweeten Bus war virgesinn an der Stad op der Gare. Et koum awer zu enger mechanescher Panne beim Impfbus deen initial op Ettelbréck sollt fueren. Nodeem d'Busfirma d'Direktioun vun der Santé iwwert dës Panne informéiert hat, a matgedeelt huet dass keen Reservebus zu Verfügung stoung, gouf décidéiert d'Missioun zu Ettelbréck kuerzfristeg z'annuléieren an nëmmen op der Gare ze impfen.

D'Equipe vum Impfpersonal ass dunn mat dem Material an de Vaccinen op d'Gare gaangen, awer duerch een mënschlechen Feeler bei der Busfirma, ass den eenzegen Impfbus awer op Ettelbréck gefuer. De Bus ass zu Ettelbréck ukomm, ouni Vaccinen, Material a Personal, an dofir konnten do keng Impfungen gemaach ginn, an de Bus huet missen zréck an d'Stad fueren.

Dëse punktuellen Problem war also bedéngt duerch eng mechanesch Panne an e mënschleche Feeler bei der Busfirma. No Récksprooch mat der Firma gouf nach emol kloer gestallt, dass ëmmer e Reservebus muss disponibel sinn, wéi dat och initial am Cahier des charges virgesinn war.

Et ass net korrekt dass den Impfbus an Zukunft nëmmen bis op Miersch fueren wäert. Zum Beispill ass erëm den 2. September e Passage zu Ettelbréck virgesinn. Aner Passagen am Norden si virgesinn am Pommerlach an zu Veianen.

Lëtzebuerg, den 15. September 2022

D' Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert